Indiaca Federatioun Lëtzebuerg a.s.b.l.

Member vum COSL
Member vun der CSMS
Member vun der International Indiaca Association

Strassen, den 18ten August 2020

Léif Sportsfrënn,

Heimat sidd Dir häerzlech agelueden, un der Generalversammlung vun der **Indiaca Federatioun Lëtzebuerg** deelzehuelen. Dës Versammlung gëtt Samsdeg, den 26. September 2020 an der Sportshal zu Bettendorf ëm **19.00 Auer** ofgehal.

Oflaf vun der Versammlung:

1) Begréissung vun de Memberen
2) Opruffe vun de Vertrieder vun de Veräiner
3) Ophuele vun neie Memberen
4) Unhuele vum Rapport vun der leschter Generalversammlung
5) Rapport vum Comité Directeur
6) Keessebericht
7) Decharge vum Trésorier a vum Comité Directeur
8) Festléeë vun de Cotisatiounen
9) Ofstëmmen iwwert de Budget fir di nächst Saison
10) Bestëmme vun engem Wahlbureau
11) Neiwahlen fir de Comité Directeur
    Austriedend : Marco Aardoom, zréckwielbar
    Austriedend : Gaby Reckinger, zréckwielbar
    Austriedend: Mil Ewers, zréckwielbar
    Nei Kandidaturen
12) Diskussioun vu Propositioune vun de Veräiner
13) Ausbléck op déi nächst Saison
14) Ausbléck op Organisatioun WM 2021 – Laurent Schüssler
15) Fräi Aussprooch
16) Eierewäin

All Veräin ass gebieden, mat mindestens zwee Memberen aus dem Comité un dëser Versammlung deelzehuelen. Falls dëst net méiglech ass, kann eng Vollmacht un ee Member vum Comité vun engem anere Veräin iwwerdroë ginn. Dëse Vertrieder ass dann awer nët fir säin eegene Club stëmmberechtegt. Fir d'Vollmacht ass den ugehaangene Formular auszefëllen, a bis spéitstens den 25. September 2020 op **comite-ifl@indiaca.lu** zréckzeschécken.

LUXEMBOURG
LET'S MAKE IT HAPPEN